ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. September 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës Fro un d'Madame Ëmweltministesch weiderzeleeden.

An engem Zeitungsartikel am „Quotidien" mam Titel «*Caroline Dieschbourg secouée, mais sereine* » vum 26.09.2019 steet dëse Saz:

«Puis il y a les travaux de déblaiement qui ont été entrepris sans autorisation, pour lesquels l'ANF est saisie d'une enquête, avant même que l'affaire n'apparaisse dans les médias, selon Djuna Bernard, coprésidente du parti déi gréng.»

Et si jo awer all Administratioun an all Beamten un eng Diskretiounsflicht gebonnen, respektiv un en «*devoir de réserve*». D'Fro stellt sech also, wéi Informatiounen iwwer eng Enquête kënnen un d'Ëffentlechkeet, respektiv u Membere vun „déi Gréng", geroden.

An deem Zesummenhank wollt ech der Madame Ëmweltminister dës Froe stellen:

1. Huet d'Madame Minister, ee vun hire Beamten oder eng vun hire Verwaltungen, speziell d'ANF, zu iergend engem Zäitpunkt ëffentlech bekannt gemaach, datt si eng Enquête zu dem Themekrees mécht an zu wéi engem Zäitpunkt dëst gemaach gouf («*avant même que l'affaire n'apparaisse dans les médias*»)? Wa jo, a wéi engem Kontext an op wéi enger rechtlecher Basis?
2. Wann net, huet d'Madame Minister zu iergend engem Zäitpunkt Informatiounen iwwer esou eng intern Enquête u Membere vun der Partei „déi Gréng" viru ginn? Wa jo, opgrond vu wéi enger rechtlecher Basis?
3. Wann net, huet d'Madame Minister eng Denonciatioun beim Parquet gemaach, respektiv Disziplinarverfahren ageleet wéinst Verletzung vum Déngschtgeheimnis?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten